Association Générale des Cadres
affiliée à la CGFP

# Assemblée générale ordinaire du 03 mars 2026

## Allocution du président Steve Keipes

Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech wënschen iech e schéine gudden Owend. Ech wëll iech all perséinlech Merci soen datt Dir Iech Zäit geholl hutt fir op d'Generalversammlung vun der AGC lauschteren ze kommen.

Als éischt heeschen ech den fréieren laangjäregen AGC-Präsident Fernand Muller wëllkomm, deen ëmmer Stammclient op eiser Generalversammlung ass.

Natierlech begréissen ech och eisen Comitésmember Romain Wolff an sénger Funktioun als CGFP- Präsident op dëser Plaz ganz häerzlech.

Eng Traditioun ass et mëttlerweil och schon datt den CGFP-Generalsekretär Steve Heiliger bei eis lauschteren kënnt. Du bass ëmmer bei eis wëllkomm!

Et ass och flott datt eis Beruffschamber haut mat 3 Leit ganz staark op eiser Generalversammlung vertrueden ass. Dowéinst heeschen ech iech an eisen Reien häerzlech wëllkomm!

Wann ech dann weider duerch de Sall kucken, wëll ech awer déi aktuell an all déi fréier Comitésmemberen déi fir d'AGC vill schaffen respektiv geschafft hunn op dëser Plaz net vergiessen.

Ganz frou sinn ech awer och datt Vertrieder vun aneren Associatiounen denowend hei bei eis sinn. Ech giff do d'AFEE, den SUID an och den SPFP ernimmen. Merci datt der hei sidd!

D’Generalversammlung ass normalerweis do fir e Bléck zréck op dat ofgelafent Joer ze werfen. Dowéinst fannen ech et wierklech derwäert fir op d’Joer 2025 zréckzekucken!

D’Joer huet mam Ausschafen vun enger Statutenännerung ugefaangen. Doduerch datt dat neit asbl-Gesetz den 23. September 2025 a Kraaft getrueden ass, war et di läscht Méiglechkeet fir sech un déi nei Gesetzgebung unzepassen. Op der Generalversammlung den 25. Februar 2025 ass dës Statutenännerung ugeholl ginn. Hannert sou enger Statutenännerung stécht ganz vill Arbecht, well et drëms geet e gudden Text ze hunn, deen et erlaabt datt d’AGC an Zukunft gutt fonctionnéieren kann. Denowend diskutéiere mer nach den Règlement d’ordre interne, deen d’Détailer zu e puer Punkten aus de Statuten virgëtt. Fir d’Ausschaffen vun deenen 2 Dokumenter wëll ech méngem Verwaltungsrot e grousse Merci soen!

Kuerz no der Generalversammlung sinn am Mäerz d’Sozialwalen an der Fonction publique ofgehale ginn. Do ware mer méintelaang an engem Kaz a Maus-Spill vum SPFP gefaangen, dat an engem dramatëschen Schlussakt mam Refus vum Marco Richard op eiser Lëscht säin Enn geholl huet. D’AGC huet awer hei kille Kapp behal an huet séng Décisiounen mat Wäitsiicht an Verstand geholl. Et kann een et lo kloer soen: D’Resultat vun den Sozialwalen huet eis Recht ginn! Am Grupp 3 hu mer iwwer 90 % vun de Stëmmen kritt. Obwuel mer 3 Kandidaten vun aneren Associatiounen op eis Lëscht geholl hunn, sinn eis Kandidaten gutt gewielt ginn. Och hei wëll ech den Memberen vum Verwaltungsrot e Kompliment ausschwätzen fir dës Décisiounen. Déi hätten och aneschters kënne geholl ginn, wat och ze vertrieden gewiecht wär, mä ech mengen datt mer schlussendlech de richtege Wee fonnt hunn.

Am Mee war den éischten Highlight am Kader vum Cinquantenaire vun der AGC: Den Ausfluch op Lissabon. E puer Leit vum Verwaltungsrot hunn sech op de Wee gemaach fir déi portugiisesch Haaptstad an Emgéigend z’erfuerschen. Dat ass eis an deenen puer flotten Deeg gelongen. Mir haten eng super Équipe an ech fir mäin Deel wärd ëmmer gären dorunner zréckdenken. Ech hat d’Gefill datt dat och fir déi aner Participantën de Fall war. Mol kucken ob fir den 60. Gebuertsdag net och en Ausfluch wärd organiséiert ginn!

Lues a lues, Réunioun no Réunioun, vun Arbechtsgrupp zu Arbechtsgrupp, si mer dem absoluten Héichpunkt vum Joer ëmmer méi no komm: Der Séance académique vum Cinquantenaire den 13. November. Am Viraus huet ganz vill missen organiséiert, décidéiert, festgeluecht, rausgesicht, matgedeelt, nogefrot, ëmgeännert asw. asw. ginn. Duerfir sinn ech frou e fläissegen an engagéierten Verwaltungsrot hannert mer ze wëssen. Ech wëll jidderengem deen säin Deel dozou bäigesteiert huet villmols Merci soen fir den Asaz. Et war eng Teamarbecht. Een alleng hätt dat net gestäipt kritt. E spezielle Merci geet nach un déi 2 al Haudegen Fernand Muller an Romain Kremer, déi e groussen Undeel un der Retrospective haten.

D'Séance académique war a méngen Aen e groussen Erfolleg! Déi vun iech dobäi waren gi mer bestëmmt Recht. D'Organisatioun huet gutt geklappt, den Kader mat der Bühn an der Beliichtung war perfekt, d'Rieden waren all intressant, d'Iessen an d'Gedrénks waren gutt an suguer den Gebuertsdagskuch huet gutt geschmaacht. Ech behaapten datt d'Séance académique dem 50. Gebuertsdag vun der AGC absolut wierdeg war an datt jiddereen deen aktiv ass fir d'AGC oder war an et gutt hält mat der AGC e wonnerbaren Owend am Cercle verbruecht huet!

D'Joer gouf ofgeronnt vun der traditionneller Chrëschtfeier op där d'Memberen vum Verwaltungsrot e puer gemittlech Stonnen bei engem Owesiessen verbruecht hunn. Well et den Virowend vun Niklosdag war, hunn eis de Kleeschen an den Housécker nach besicht. Wéi et am Liewen nun mol sou ass, kruten déi eng eng Kamell an déi aner eng Rutt. 3-mol däerft dir roden ween eng Rutt krut! Natierlech deen dee freet. Dat ass awer net schlëmm. D'nächst Joer gëtt et nees eng Kamell!

Ween lo gemengt huet mir giffen no der Feier vum 50. Gebuertsdag net méi aktiv bleiwen, deen hat sech geiert. Et sinn nach vill Dossierën do déi eis Opmierksamkeet brauchen an et wärten an Zukunft sécherlech nach nei Herausfuerderungen op eis zoukommen.

Fir d'éischt mol wärte mer versichen déi 50 Joer vun der AGC a Wuert a Bild ze pressen. Do ass och schon en Arbechtsgrupp ganz aktiv fir eng Spezialéditioun vum Inforum auszeschaffen. Mir hoffen datt mer dës Zeitung virun der Summerpaus un eis Memberen kënnen schécken. An deem Schmöker wärte mer ganz vill Détailer aus den 50 Joer verroden a ganz vill Fotoen vun ënner anerem der Séance académique présentéieren.

D'Formatioun war ëmmer e wichtegt Thema bei der AGC. Och wa mer z'läscht net méi vill driwwer geschwaat hunn, heescht dat nach laang net datt mer mat der aktueller Situatioun zefridden sinn. Eng Formation initiale vun 90 Stonnen ass inakzeptabel. Dat geet als Préparatioun op de Staatsdéngscht net duer. Dësen Ëmstand kéint awer an Zukunft negativ Konsequenzen hunn, wann d'Geld am Staatsbeidel mol eng Kéier knapp kéint ginn. Da kéint den Verdéngscht un déi mickreg Formatioun ugepasst ginn. Fakt ass datt virun allem den B1 muss opgewäert ginn a méi Formatioun muss kréien fir net total ofgehaangen ze ginn a fir Kompetenzen kënnen opzebauen déi den Gehältergrupp weider kéinten stäerken.

Wann ech dann héieren datt den INAP an den CGPO soll ageglidert ginn fir Synergien ze schafen, muss ech ganz déif Loft huelen. Sinn sech den INAP an den CGPO mëttlerweil ze vill ähnlech ginn? Ech kann dat kaum gleewen. Dësen Punkt ass wéi der wësst fir d’AGC e ganz wichtegen. An den 80er Joren huet d’AGC mat Nodrock dofir gesuergt datt den deemolegen IFA entstanen ass. Natierlech fir d’Formatioun vun de Staatsbeamten ze förderen. An lo gëtt dat vum CGPO geschléckt? Ménger Meenung no ass dat en Zeechen datt d’Formatioun net méi su wichteg ass. Et geet nëmmen nach drëms héichdiploméiert Leit virun allem am Gehältergrupp A1 ze rekrutéieren. D’Fonction publique brauch awer net nëmmen Häuptlingen, mä och och gutt forméiert Fonctionnairen aus dem B1, déi d’Arbecht man. An dee Standpunkt wärte mir vertrieden!

Säit 8 Joer gëtt et eisen Arbechtsgrupp Artikel 36! Deen ass dann och lo definitiv um Punkt fir séng Conclusiounen ze zéien an dem Verwaltungsrot eng Propositioun am Hierscht op den Dësch ze leeën. Wéi der all wësst ass dësen Artikel net méi zäitgeméiss an e gëtt praktësch guer net méi vun de Verwaltungscheffen respektéiert. Dowéinst ass et fir d’Zukunft wichteg eppes auszeschaffen an ee Virschlaag ze hunn fir den Artikel 36 nei ze schreiwen, éier am Ministère vum ëffentlechen Déngscht den Tirang mat der Béchs vun der Pandora opgeet a mer virun vollennt Tatsaachen gesat ginn. Subal den Verwaltungsrot dësen Virschlag ugeholl huet, wärte mer natierlech mat eisem Vertrauenspartner der CGFP doriwwer diskutéieren. Vläit bréngt d’AGC heimat den Steen an d’Rullen fir den Personalvertriedungen an Zukunft e besseren gesetzlechen Kader ze ginn!

Den Accord salarial wärd eis nach eng Zäit beschäftegen. Besonnësch den Punkt 18 mat deem faméisen Arbechtsgrupp iwwert d’Harmonisatioun vun den Ënnerscheeder tëscht den Gehältergruppen ass fir eis extrem wichteg. Ech hat et dat läscht Joer op dëser Plaz schonn ugeschwaat. Den Gehältergrupp B1 ass um ofsteigenden Aascht an huet all séng Attributiounen un d’Gehälterkategorie A verluer. Et kann net sinn datt mer lo och nach an der Gehältertabell erofgestuuft ginn. Dat wärte mer op kee Fall akzeptéieren! Ech sinn iwwerzeegt datt mer zesummen mat der CGFP dësen Szenario kënnen verhënneren.

D’Législatioun iwwert d‘Examenscommissiounen gesäit d’Roll vum Observateur bei den Examen an der Fonction publique vir. Dem Observateur séng Aufgab ass et dofir ze suergen datt den Examen fair an ouni Benodeelegungen fir den Kandidat ofleeft. An den Verwaltungen wou et keng Personalvertriedung gëtt ass d’AGC gefuerdert fir bei den Examen nieft dem Gehälterënnergrupp B1 administratif och am Gehälterënnergrupp A2 administratif d’Observateuren ze stellen. Aktuell hu mer do eisen Generalsekretär Daniel Nestler deen dat alleng ofdeckt. Flott wär et wann den Dan Ënnerstëtzung an där Missioun kriit. Well mer am Verwaltungsrot keen fonnt hunn deen sech do kann engagéieren, maachen ech en Opruff un all eis Memberen aus dësem Gehälterënnergrupp fir sech ze mellen wann een dorunner intresséiert wär fir matzeschaffen.

Schlussendlech maachen ech dann nach en zweeten Opruff. Doduerch datt mer nach Plaz an eisem Verwaltungsrot hunn, si mer frou iwwer jiddereen deen sech bei eis mellt fir wëllen matzeschaffen. Avis aux amateurs!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet!